N°1748
Entrée le 09.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.01.2025 Chambre
des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

D'Ukrain-Kontaktgrupp huet sech eng leschte Kéier zu Ramstein getraff, ier den Donald Trump nees säin Amt untrëtt. Dës Grupp war an der Vergaangenheet zentral fir d'Koordinatioun vu Waffeliwwerungen an d'Ënnerstëtzung vun der Ukrain.

Mat der Erausfuerderung vun engem Muechtwiessel an den USA an dem Donald Trump sengem Zeréckkommen an d'Wäisst Haus, ginn et Froen iwwert d'Zukunft vun dësem wichtege Format a wéi eng Roll et an Zukunft nach wäert spillen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Lëtzebuerger Regierung d'Zukunft vun der Ukrain-Kontaktgrupp no de rezenten Entwécklungen an den USA?
2. Wäert Lëtzebuerg sech dofir asetzen datt d'Grupp an hirem aktuelle Format bäibehale gëtt an d'Ënnerstëtzung fir d'Ukrain onverménnert virugeet?
3. Wéi kann d'EU eventuell eng méi grouss Roll an dësem Kontext iwwerhuelen, fir de laangfristegen Impakt vun den US-Walen op d'Ënnerstëtzung fir d'Ukrain ze limitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten